

De Panewippchen

N°96 3/2011

Dës Nummer gouf gemaach an
Zesummenaarbecht mat der Administration
de la Nature et des Forêts

D'Eechepressessiounsmatt



Böschgeflüster

De Päerdskrécher

E Stöbskär am Bösch

Den Ilenter

D'Geschicht vum Bösch

Gring Këssen

Böschkochelen

Böschcher ronderëm d'Welt

Trëppeltour am Pöttenerbösch

Dem Doutholz seng Bewunner



'natur musée' - 25, rue Münster -
L-2160 Lëtzebuerg - Tel.: 462233 450
www.naturmusee.lu
www.panda-club.lu

De Panewippchen gëtt ënnerstëtzt:
Ministère de la Culture - Musée national d'histoire naturelle -
Ministère de la Famille et de l'Intégration - Service National de la Jeunesse -
Ministère du Développement durable et des Infrastructures -
Administration de la Nature et des Forêts - Administration de l'Environnement -
Ministère de la Santé -
Ministère de l'Intérieur et à la Grande Région, Administration de la gestion de l'eau -
Ministère de l'Education nationale et de la Formation professionnelle

WUPP NEWS

Impressum:

Redaktionscomité:

S. Backes, C. Brochmann,
J. de la Gardelle, S. Goerens, C. Greisen,
M. Grosbusch, M. Hagen, S. Hagen,
C. Heidt, M. Hoffmann, M. Kirsch,
G. Kugener, S. Majerus, M. Reichard,
F. Theisen, M. Ursone, Y. Wagener.

Texter:

Administration de la Nature et des Forêts,
J. de la Gardelle, S. Goerens, C. Greisen,
S. Hagen, C. Heidt, T. Helminger,
S. Mathias-Bezzi, P. Michaely, Elina Zepp.

Grafik an Illustratioun:

S. Goerens, S. Hagen, M. Moritz.

Fotoen:

©ANF, ©'naturmusée', S. Mathias-Bezzi,
Jean Schock, Shutterstock.

Bëschgeflüster S. 15

De Markollef, de Fuuss an d'Wëllschwäin
vun der Säit 15 hunn nach e gudden
Tip:

Fir gutt duerch de Bësch an d'Natur ze
kommen kuckt och dës Broschüren vum
Ministère de la Santé. Dir fannt se um
Site:

www.santé.lu.

Achtung: Zeckengefahr!

(op Däitsch a
Franséisch)



Sonne: Freund oder Feind?

(op Däitsch a Franséisch)



Sechs Freunde und die Sonne

(op Däitsch)

<http://www.sante-public.lu>

Interaktivt Liesabenteuer

E flott Bestëmmungsbuch fir
Vullen. Mam TING-Stëft kann
ee souguer d'Vullestëmme
lauschteren.

Präis: Buch: 15 Euro

Stëft: 35 Euro

Fir dëse «Lauschterstëft»
gëtt et vu verschiddene
Verlager nach vill Bicher,
dorënner e Starterset fir Kanner
vun 3-7.


Kuck ënner: www.ting.eu



Text: S. Hagen, P. Michaely

SEPTEMBER-NOVEMBER

am 'natur musée'



Kënnst Dir lech eng Welt unni Faarwe
virstellen? Neen, domadder ass net
eng Welt gemengt, wéi se sech op
ale Fotoen oder der Schwarz-Wäisser-
Tëlee presentéiert, well Wäiss,
Schwarz a Gro sinn op iergendeng
Manéier jo och Faarwen. Mä wat
ass dann iwwerhaupt eng Faarf? Si
se nach do, wa mir d'Aen zoumaachen?
Guer net esou einfach, heidrop eng
séier Äntwert ze fannen.

D'Ausstellung „Farbenfroh“ am
'natur musée' seet lech firwat. E
flotte Parcours duerch d'Reeboufaarwe
Violett, Blo, Gréng, Giel, Orange a
Rout an en Ausfluch bei Wäiss a
Schwarz léisst lech d'Faarwewelt
entdecken. Dir wäert gesinn, wéi
d'Faarwen entstinn, wéi mir se
gesinn a wat se bewierke kënnen.

Bicher

Wonnerschéi Geschichten fir Kanner,
awer net nëmme fir Kanner. Fir
ze liesen, ze kucken, virzeliesen
oder ze lauschteren. Meeschterhaft
wonnerbar illustriert. An de
lëtzebuerger Bicherbutteker.

D'Anne am Lidderbësch

Eng musikalesch Geschicht iwwert
d'Anne, e Meedchen, dat säi
Laache verluer huet. Am Lidderbësch
probéiert hatt säi Laachen an enger
vun den Dausende Seefeblosen
erëmfannen.

Text a Musek: Darek Kurowski
Illustratiounen: Muriel Moritz
mat 2 CDen



dëst Buch gouf
ausgezechent mam
Jugend-Literaturpräis
«De Fiisschen» fir
Illustratioun.

An der Wiss

E Kéiseker hält e Mëttestëmpchen
an enger sonneger Wiss, wou him
e komesche Géigestand op de
Kapp fällt. Seng Frënn an heen
hu vill Iddien fir erauszefannen,
wat dat komescht Dëngen ass.
Text: Chantal Schenten-Keller
Illustratioun: Muriel Moritz



Quagga

Eng verréckte Geschicht iwwert e
klengt Zebra am gliddegen Afrika,
dat seng Sträife verluer huet a
sech mat engem bloe Pimpampel
an enger klenger Zauberschülerin
op d'Sich no senge Sträifen an no
Frënn mécht.

Text: Chantal Schenten-Keller
Illustratioun: Muriel Moritz



Dem Dracula säin Torchong

Eng lëschteg a wonnerschéin
Geschicht iwwert dat klengt
Hexemeedchen Annihex, dat
zoufälleg an der Welt vun de
Mënsche land. D'Quexekand
Linda hëllef him nees zréck a
seng Welt an dobäi ginn déi
zwee an hir Familjen a lauter
Schwierigkeete verstréckt.

Text: Nicole Paulus
Illustratiounen: Muriel Moritz

MÛSCHT-FAN?



PÛERDSKACK



SOU, DAT HÛTTE MER. ELO HUNN ONS KANNER GENUCH Z'IESSEN, WA SE AUS DEM EÛ KLAMMEN.



ECH HUNN ZWAR OCH KEEN HONGER MÛI, MÛ DEE MÛSCHTEGE CHAMPIGNON DOHANNE GÛTT AWER ELO NACH ALS DESSERT GIESS.



BLEIFT MIR VUM LEIF, DIR RUPPEG BÛSCHTEN.



MAUL NET ESOU DOMM. BEI DEN ALEN ÄGYPTER WARE MIR ESOUQUER HELLEG, WÛLL MIR GANZ NÛTZLECH SINN. OUNI ONS WIER DÛI GANZ WÛLT SOSS SCHONNS ZOUGEKACKT.



MMMH, DAT SCHMAACHT! GUTT DATT MIR NET WÛIT GOE MUSSE FIR ONST IESSEN ZE FANNEN.



WAT GROMMÛLT MÛI MO! GUTT, DATT MENG ANTENNE SCHONNS E GÛDDE MAUFEL ENTDECKT HUNN.



DÛESE SCHÛENEN, ELEGANTE KIEWERLEK HEESCHT: PÛERDSKRECHER, SCHÛISSKIEWERLEK, MISTKÛFER, GÛOTRUPE, DÛNG BEETLE.




D'Geschicht

Laang virun den 1. Bëscher gouf et Liewen nëmmen am Waasser. Déi éischt Planze waren Algen.

Sporeplanzen

Am Silur sinn déi éischt Landplanzen no beim Mier gewuess a ware ganz einfach gebaut, ouni Blieder an nëmmen e puer cm héich. Si hate scho Lignin, déi Substanz, aus deem Holz besteet. Dat waren d'Urbopien vun de Beem.



435 Mio Joer
Silur

D'Planzen hu sech duerch Spore verbreet.

Déi Urbopien hunn am Devon Wuerzelen, Blieder an en hëlzene Stamm kritt. Sou ware si méi stabil a konnte méi héich wuessen. Dës éischt Beem sinn e puer Meter héich ginn.




395 Mio Joer
Devon

Ee vun den éischte Beem huet Archaeopteris geheescht. En ass bis 18m héich ginn. En huet sech séier ausgebreet an dat waren déi éischt Bëscher.



Archaeopteris



Someplanzen, Nacktsamer

Am Karbon war et waarm a fiicht, d'Planzen hu sech super entwéckelt. Si haten e primitive Waasserleitungssystem a konnten nëmmen do wuessen, wou vill Waasser war a wou et suppeg war. Am Karbon gouf et déi meeschte Bëscher vun allen Zäiten.



345 Mio Joer
Karbon

Schuppelbeem a Siegelbeem si bis 30m héich ginn an haten en Duerchmesser vu méi wéi 2m. D'Iwwerreschter vun dese Planze fënnt een an de Kuelelageren. Um Enn vum Karbon gouf et eng Aiszäit, d'Klima ass ofgekilt, déi meescht Faren, Schachtelhalm a Bärlappen sinn ausgestuerwen.

D'Klima ass am Perm erëm ganz waarm an dréche ginn: Wüste sinn entstan. Planzen, déi d'Dréchent gutt verdro hunn, hu sech elo ausgebreet. De Ginkobam gouf et scho virun 270 Mio. Joer. Hien huet bis haut iwwerleift! En ass e liewege Fossil. Am Gaart vum 'natur musée' kanns du ee gesinn.



280 Mio Joer
Perm



Zyklade

verstengert Holz


Am Trias war et nach ëmmer ganz waarm. Elo si Planzen opkomm, déi sech duerch Some verbreed hunn.

Bei den «Nacktsamer» sinn d'Somen baussen.



230 Mio Joer
Trias

Hei gouf et grouss Bëscher um Bord vun de Wüsten. Am amerikanesche Südwesten am Petrified Forest (dem «verstengerte Bësch») gesäit een nach haut Fossilien vun emgefalene Beem aus dem Trias.




Am Jura, an der grousser Zäit vun den Dinosaurier war et méll an dréchen. D'Bëscher hunn elo zum gréissten Deel aus Nolebeem (Nacktsamer) bestan.

Tüpfelfarn



195 Mio Joer
Jura

Sequoiabeem kënnen e puer dausend Joer al ginn. Si gi bis 100m héich a kënnen riseg déck ginn. Am Sequoia-Park am Südwesten vun Amerika gëtt et de Sequoia «General Sherman», en ass dat «voluminöseste» Liewewiesen op der Welt.



Sequoia

An der Kräidezäit war et fiicht, kill a méi spët waarm. Déi éischt Kiefere sinn opgetaucht an déi éischt Lafbeem, wéi Pëppelen a Weiden, Beem déi dir haut kennt. Och déi éischt Planze mat Blummen an dat éischt Gras sinn elo komm. Et gouf Magnoliebeem a Palmen. Vill Planze si riseg ginn.



140 Mio Joer
Kräid

Um Enn vun deser Zäit gouf et e Massenaussterwen, wou d'Halschent vun allen Déierenarten verschwonne sinn, wéi z.B. d'Dinoen.



vum Bësch

Someplanzen, Bedecktsamer

An der Tertiärzäit war et nach flicht a waarm. Et gouf tropesch Bëscher a Sumpfbëscher. An Nordeuropa ass d'Bernsteinkiefer gewuess. Hiren Harz ass zu Bernstein fossiliséiert. Dodra fënnt ee Planzen an Insekten aus deeër Zäit.



65 bis 2 mio Joer Tertiär

Um Enn vum Tertiär huet d'Planzewelt ongeféier ausgesinn wéi haut.

Zum Schluss vun deseër Zäit koumen d'Äiszäiten. Do si vill Bëscher verschwonn an Äis huet grouss Fläche vun der Landfläch bedeckt. Tëschent den Äisfläche gouf et grouss Sträife Land ouni Beem.

An der Quartärzäit wiessele sech waarm a kal Perioden of. Déi éischt Mënsche sinn do. An de kale Perioden iwwerliewen d'Planzen am Süden, wann et rëm méi waarm gëtt, 'wanderen' si erëm no Norden. Als éischt koume Biirken, Kiefern a Weiden, déi ausgedehnte Bëscher gebild hunn. An Europa sinn an deeër Zäit vill Bam-Aarten (z.B. de Mammutbam) erëm verschwonnen, well si net laangschdt déi héich Bierger vun den Alpe koumen.



2 Mio Joer bis haut Quartär

No den Äiszäite sinn déi Planzen an Déieren, déi un d'Keelt gewinnt waren, wéi d'Polarweid an de Mammut, ausgestuerwen.

Bei de «Bedecktsamer» sinn d'Some bannen.

An der Steenzäit, 6.000 Joer viru Christus, war d'Land vun hellen Echemëschbëscher a risegen, donkele Bichebëscher bedeckt.



6.000 v.Chr.

Elo waren nach 3/4 vun der Landfläch vu Bësch bedeckt.

D'Mënschen hunn Haiser gebaut an ugefaang Bëschflächen ze verbrenne fir do Kären unzebauen. No enger Zäit si si weider gezunn an et ass erëm neie Bësch (virun allem mat Bichen) gewuess.



3.000 v.Chr.


Bëschklima: am Dag ass et manner, an der Nuecht méi waarm wéi dobaussen. Och d'Joereszäiten sinn net esou staark ausgeprägt. Trotz dem ville Schiet ass d'Klima zimlech gläichméisseg.

De Mënsch huet ëmmer méi Bësch ofgeholzt fir Felder unzebauen, fir Holz ze hunn fir ze bauen an ze hëtzen a fir Weed fir d'Vei. D'Bëschbestänn sinn dramatesch zrëckgaang.



8. & 9. Jh n.Chr.

Am 18. Joerhonnert hunn d'Mënschen ugefaang nei Beem ze planzen.



Haut ass just nach 1/3 vun der Landfläch vu Bësch bedeckt. All Dag ginn 13 Milliounen Hektar Bësch ëmgeha (dat ass d'Gréisst vu Griichenland), besonnesch am tropesche Reebësch.

Wouhir wësse mer da wéi et viru Milliounen Joer ausgesinn huet?

Dat wësse mer haut alles duerch d'Detektiwaarbecht vun Archaeologen a Wëssenschaftler, wéi d'Paläontologen

Um Terrain siche si no Fossilien, Somen, verstengertem Holz ... Well vill Planzen am Sumpf ënnergaang an do fossiliséiert sinn, si se gutt erhal. Si ginn ausgebuddelt an dann am Labo ënnersicht, ënnert dem Mikroskop, der Lupp, am Roentgenapparat, ...


Och de Pollen, dee sech zu bestëmmten Zäiten an de Buedemschichten ofgelagert huet, seet eis wéi eng Planzen et zu deenen Zäite gouf.

All Fossil erzielt aus senger Zäit a gëtt de Wëssenschaftler vill Informatiounen.



verstengert Holz

Somen



Pickeg Raupen

A leschter Zäit sinn an e puer Bëscher zu Lëtzebuerg Eechen-Prëssessiousmatten gesi ginn.

Déi kleng Päiperleke sinn nuets ënnerwee. D'Weibche leet seng Eeër ganz uewen an der Kroun vun den Eechen. Am Mee klammen déi éischt Raupen aus den Eeër. D'Raupe si ganz kriddeleg, well si iesse just Eecheblieder.



Foto: Gyorgy Csoka

Enn Juni - Ufank Juli verpoppe sech d'Raupen. No 3-5 Woche klammen déi erwuesse Matten aus der Popp.



Foto: Marc Wagner ANF



Well Insekten baussen un hirem Kierper eng fest "Ritterrüstung" hunn, müssen d' Raupe 5-6 Mol hir Haut wiessele fir wuessen ze kënnen.

D'Raupe sinn un enger donkler Sträif um Réck an un de laangen Hoer ze



Foto: Marc Wagner ANF

Och wann d'Raupen heiansdo all Blieder vun enger Eech friesse kënnen, mécht dat dem Bam normalerweis net vill aus, well em Gehaansdag (24. Juni) schéisse ganz dacks nei Blieder aus. Dat hëlleft de Beem Attacke vun alle méiglechen Insekten, déi Blieder friessen, ze iwweeliewen.

De grouse Problem sinn awer d'Hoer vun de Raupen. Déi kënnen bei de Leit ganz schliëmm allergesch Reaktiounen ausléisen: Ausschlag a Picken op der Haut, Houscht an Asthma, wann d'Hoer ageotemt ginn. Dofir heescht et ganz einfach vun de Raupen an hiren Näschter ewechbleiwen a se op kee Fall upaken. Hues Du Eechen-Prëssessiousmatten am Bësch gesinn, dann huel am beschten eng Dusch wann s Du heem këns a wäsch däi Gezei an der Wäschmaschinn. Wann s Du dech un dës puer Reegelen häls, kanns Du roueg weider an ons Bëscher spadséiere goen (Du stëppels jo och net mat engem Bengel an engem Harespel-Nascht).



Foto: Marc Wagner ANF

erkennen. De komeschen Numm vun Päiperlek kënnst dohier, datt d'Raupen owes eng hannert deeër anerer (wéi an enger Prëssessious) vun engem Bam bis bei en anere ginn. Am Dag sëtzen d'Raupen zesummen an Näschter, déi aus ale Larvenhait a Kack bestinn.



Thaumetopoea processionea



Foto: Claude Parini ANF

Doriwwer kann de Guckuck awer just laachen. Hien ass en absolute Fan vun de Prëssessiousmatten-Raupen: hien ësst se ganz gär an d'Hoer maachen him och näscht aus!



En Dag am Bësch

5:46

E klitzeklenge Stëbskär gëtt gebuer, am Motor vun engem Diesel-SUV; duerch den Auspuff eraus, ass et ee vun Dausende Stëbskären, déi an der dreckeger Stadloft erëmschwiewen. E Wandstouss dréit eise Kärelechen e puer Kilometer weider; e land duerch Zoufall op de Blieder vun enger schéiner Bich, déi an engem Hang steet, matten am Bësch.

6:02


Villercher päifen aus allen Ecken, den Dachs nécht sech op de Wee zeréck a säi Bau. De Stëbskär mierkt direkt: hei am Bësch do ass eng lass; vill Déiere sinn hei doheem.

6:26

Lo réischt gesäit de Stëbskär, datt e grad niewent engem Hielännerstrauch geland ass. Déi gourmangseg Märel kritt net genuch vun deene klengschwaarze Friichten.

Ënnen um Wee gesäit de Stëbskär déi éischt mënschlech Liewewiese säit e seng Gebuertsstad verlooss huet. Et sinn der direkt 18 Stéck beieneen. Si sinn nach net ausgewuess, ausser een, an deen erkläert de Kanner wéi d'Beem am Bësch d'Loft propper maachen. D'Blieder filteren de Stëbs aus der Loft (aha ... dofir sëtzt hien hei!), a wandelen de Kuelendioxid (CO₂) ëm a Sauerstoff (O₂).

10:11



11:30

Aus dem Nolebësch - deen en ënnen am Hiwwel gesäit - héiert de Stëbskär Motorsgeräicher. Et sinn d'Bëschaarbéchter, déi Beem ëmhaen. D'Holz gëtt gebraucht fir ze bauen, ze verbrennen, Pabeier ze maachen... oder vläicht e flotten Zuch ze schräinere. Dem Stëbskär seng Bich bleibt awer nach e puer Jorzéngte stoen: dat gëtt bestëmmt e schéine grouss Schaf! Quatsch, eng ganz Schlofkummer gëtt dat!

12:00

Mëttespaus fir d'Bëschaarbechter! Uff, lo ass et eriwwer mat deem Kaméidi! D'Beem schlécken zwar vill vum Kaméidi ewech, mee et ass awer méi schéin ouni dat Gesouers vun de Motorseeën!

12:36

Do, en Jogger! D'Fra huet grad hir plastiks Fläsch eidel gedronk a stécht se rëm an hir Héfttäsch. Gutt datt et hei am Bësch méi kill ass wéi dobaussen um Feld! Net nëmme, datt d'Beem Schied maachen, si verdonsten och vill Waasser a setze sou d'Lofttemperatur ëm e puer Grad erof.

15:17

D'Blat, wou de Stëbskär drop sëtzt, fänkt bemol un déck ze wackelen. Neen, et ass keen Äerdbiewen, et ass just e Mued, dee sech mat Genoss iwwert dat zaart Gréngs hiermécht. Vum Gejuppels fällt de Stëbskär e Stack méi déif, a land op de pickegen Hoer vun enger Brennessel. Lo réischt gesäit e wéi géi et hei ass. Gutt datt déi vill Brennesselen a Beem mat hire Wuerzelen hei stinn, soss géng de Buedem bestëmmt bei der nächster Schauer erofruetschen.

16:00

Am Nomëtteg ass net sou vill lass am Bësch; de Stëbskär huet gutt Zäit sech alles ronderëm gemittlech unzékucken: déi brong Blieder vun leschte Joer, dat donkelgréngt Moos, deen hellgréng Far, déi giel Champignonen um alen Holz, déi gro Flechten um Bamstamm vu 'senger' Bich, déi rout Heckefriichten... wéi am Billerbuch. Et ass richtig schéin hei!

19:23

Den Himmel zitt sech zou, duerch säi Bliederdach gesäit de Stëbskär nëmme nach déck gro Wolleken. Op ee Coup kënn e fatzege Schluet erof. De Stëbskär gëtt matgerappt, kullert iwwert e puer Buedemgrimmelen a bleibt dann an enger Spléck hänken. Et donnert an et blëtzt, an awer schléift de Stëbskär an, sou midd ass e vu sengem Dag am Bësch.



experimentéieren



bastelen



kachen a brachen



Kñiwwe!



Eng Far-Farm

Déi nächste Kéier wanns du an de Bësch gees, denk drunn, an huel eng Schëpp, e Löffel an en Dëppche mat. Sich eng Plaz, wou Far wüsst. Schëpp Buedem vun ënnert dem Far an d'Dëppchen.



Wann s du doheem bass, stell deng Farn-Farm op eng fiicht a waarm Plaz, awer net direkt an d'prall Sonn. Hal se guff fiicht (net nass) mat enger Waassersprutz.

Lo muss du e puer Woche Gedold hunn fir de Wuesszyklus vum Far ze gesinn. Aus de Sporen entsteet fir d'éischt eng gréngelzech Schicht (sou wéi Moos). Dono komme kleng häerzförmeg Blieder, déi sech lues a lues a Far verwandelen.



...sich der e schéine Far eraus



...dréin d'Blieder ëm

a kuck no brong-orange «Punkten»



...kraz mam Löffel dës «Punkten» (Sporen) iwert dem Buedem erof



Wéi

maachen ech e richteg Schrupfkapp?



Bei südamerikanische Volleker war et eng Traditioun dem Géigner säi Kapp als Kettenunhänger ëm den Hals ze droen.

Huel een Apel a mooss dengem «Kapp» säin Duerchmesser. Schneid de Batz eraus a schiel en. Dréin däi «Kapp» an Zitrounejus, dee mat zwee Lëffele Salz gemëscht ass.

D'Salz zitt dem Apel d'Waasser eraus an den Zitrounejus verhënnert, datt den Apel brong gëtt!

Schneid dengem «Schrupfkapp» Aen, Nues a Mond eraus. Da setz du däin Apel fir 6-8 Stonne bei 50-100° C an de Schëffchen. Däi Schrupfkapp ass fäerdeg ...

Du kanns him nach mat Roséngen Aen maachen. Mä du bass awer ze fein fir domadder deng Schwester ze erfieren, oder!!!!





Säitjen



Beem moossen



Normalerweis moosst een d'Héicht vun engem Bam mat Laser.

Wann een awer grad spadséiere geet, wëllt een och alt emol wëssen wéi héich deen een oder anere Bam ass. Fir dat ze moosse brauch ee just ee laange Bengel. De Bengel déngt als Peilstab. Dëse Bengel muss ee mat waagerechtem, ausgestrecktem Aarm senkrecht no uewe sou viru sech halen, datt d'Fauscht an Aenhéicht ass.

Elo gétt duerch no vir an zeréck goen d'Distanz zum Bam sou laang verännert, bis déi ugepeilte Bamspëtz an enger Linn mat der Bengelspëtz läit. An deem Moment entsprécht d'Distanz zum Bam och senger Héicht. Dës Distanz kann een einfach ofschreiden (ee grouse Schrack entsprécht ca. engem Meter). Wee ganz genee wëll sinn, muss natierlech seng eege Kierpergréisst dobäi rechnen!



Wann ee schon d'Héicht vum Bam kennt, kann een och nach den Ëmfank moossen. Dat ass d'Déckt vum Bam. Dat geet esou: Et brauch een eng Schnouer oder e Fuedem. Dee bënnt ee ronderëm de Bam.

Mir mierken eis, wou d'Schnouer openeen trefft. Dat Stéck moosse mer. A scho wësse mer wéi déck de Bam ass.

D'Bengellängt muss genee der Entfernung Aen - Fauscht entspreche.



Besch- richen

Huel e puer Dëppercher déi s du kanns zou machen mat an de Bësch wann s du spadséiere gees.

Fëll

dës Dëppercher mat verschiddene Saachen déi s du ënnerwee fënns: Buedem, Blieder, Moos, Friichten ...



Wann s du nees doheem bass, mach deng Dëppercher op a probéier mol ob s du aus all dengen Dëppercher de «Bësch» erausrichs.



Doude

Sieweschléifer



Hierwa



Champignonen



Runnen



Vill Insekten



Spannen



HOLZ

Spekelen



Blomeesen



Spiechten



Seekommissen



Heiseker



Schwängercher



I lenter

Foto: Tom Stein



Numm:
I lenter, wëlle Spirebam
(Elsbeere, Alisier)
Sorbus torminalis (L.)
Crantz

Wou wunnt en:


Eechebësch, Houbiche-
bësch, op waarmen
Hiwwele mat leemegem
Buedem.

Wéi gesäit en aus:



Bam vum Joer 2011


Foto: Tom Stein



U sengen typeschen,
wiesselstännegen,
ageschniddene Blieder
kann een hie gutt
erkennen.

Den I lenter kann an eise
Bëscher nëmmen iwwerliewen,
wann hie vun Zäit zu Zäit
fräigestallt gëtt, well déi
aner Bëschbeem soss méi
héich wuessen an hien net méi
genuech Luucht knitt.


Am Hierscht
sterwen
d'Blieder sech
goldeg-rout.



D'holz ass schéi roudelzeg
gefierft, ganz haart, zéi an
elastesch. Et ass ganz wäertvoll
a gëtt geholl fir Muewelen an
Instrumenter ze bauen.



D'Früchte sinn am Ufank olivgréng. Am Oktober, wa si zeideg
sinn, si se brong-orange gefierft, mat villen helle Punkten
(Korkwaarzelen). Si sinn zimlech mielzeg a schmaache wéinst
dem vilen Vitamin C an de Gierfsaiere séiss-saierzeg. Dofir
si si och als **Mëttel** géint den Duerchfall benotzt ginn.
I lenter-Früchte ginn dem Äppelwäin e bessere Geschmaach.
Si kënnen och zu Esseg, Jus, Gelee oder Kompott verschafft
ginn.



I lenter kënnen 200-300 Joer al ginn an 20m
(seele bis 35m) héich. Si bléien am Mee-Juni.



Déi wäiss Bléien hu behoert Stiller a stinn zu méi
beieneen an engem Bléiestand, wéi an engem
uerdentleche Bouquet (= Schirmispe). Si hu 5
Bléieblieder a musse mat Polle vun engem anere
Bam bestäubt ginn, fir datt d'Früchte sech kënnen
entwéckelen.





Foto: Tom Stein



D'I lenter-Driëpp luet en apaarte Goût
vu Mandelen.

Gring Këssen

Moose si Planzen ouni Bléien

Wann s du genau hi kucks gesäis de op verschidde Moosen Stiller mat Kapselen. An dëse Kapselen si Sporen, déi ausgestreet ginn, wann d'Kapsel bis fäerdeg ausgeräift ass. Aus dëse Sporen entsteet rëm eng nei Moosplanz.



Moos als Waasserspächer

E Moospolster besteet aus villen eenzelne Planzen, déi ganz no beieneen an aneneen zesumme wuessen. Doduerch ka Moos besonnesch vill Waasser späicheren. Probéier dech eng Kéier op esou e Moospolster ze setzen an du wärs gesinn datt s du direkt eng naass Box kriss.

Ëmgedréint ka gedréchent Moos vill Waasser ophuelen an dofir ass et am Mëttelalter als Wëndel fir Puppelcher gebraucht ginn.



frëscht Moos, voll Waasser



gedréchent Moos, d'Waasser ass verdonst.



Moos hält waarm

Well Moos esou no beienee wiisst, hält et och warem: Vulle wëssen dat, a gebrauchten dofir Moos fir hir Näschter ze bauen. Am Mëttelalter hunn d'Mënsche Moos gebraucht, fir hir Matratzen ze fëllen.



Moosen hu keng Wuerzelen

Moosen hu wuerzelähnlech Fiedem, déi Rhizoider genannt ginn, mat deene si sech un deene verschiddensten

Ënnergrënn kënne festhalen.

Am Bësch wuesse Moosen haaptsächlech u Beem, Steng an um Buedem. Moosen huele Fiichtegkeet iwwert d'ganz Planz op, also och iwwert de Still an d'Blieder.



Rhizoider, wuerzelähnlech Fiedem

Wéivill verschidde Moosaarte gëtt et?

Weltwäit ginn et méi wéi 15.000 verschidden Aarten. Moose gehéieren zu den eelste Landplanzen. Verschiddener ginn et warscheinlech schonns zënter 400 Milliounen Joer. Zu Lëtzebuerg sinn eng 600 Aarte bekannt, dovunner kommen ongeféier 20% an eise Bëscher vir.

Moos fir d'Qualitéit vun der Loft ze moossen

Moose reagéiere ganz empfindlech op Ëmweltverännerungen. Mat hinne kann een erausfannen, wéi propper d'Loft ass.



Moos als Heelplanz

Verschidde Moosaarte maache Bakterie futti a goufen dofir fréier an Nordamerika an Europa als Verband gebraucht.



Moose stinn ënner Naturschutz

34% vun eise Moosaarten zu Lëtzebuerg stinn op der rouden Lëscht a sinn dofir geschützt. Dofir däreffe Moosen weder ausgegruewn nach ofgerappt ginn.

En Trëppeltour duerch den



Wat ass en Naturbësch?

En Naturbësch ass e Bësch an deem keng Beem méi aus dem Bësch erausgeholl ginn. Dofir kënnen an dëse Bësch d'Beem hiren natierlechen Alter erreechen (bis zu 500 Joer je no Bamaart!), lues a lues zerfalen an als Dünger den neie Bamgeneratiounen déngen. Zu Lëtzebuerg ginn et bis elo 8 verschidden Naturbësch. Een dovun ass de „Pëttenerbësch“ zu Pëtten bei Miersch.



Beschreibung vum Trëppeltour:

Start- an Endpunkt: zu Pëtten (Pettingen/Mersch) beim Schlass
Längt: 4,9km
Schwierigkeetsgrad: liicht
Zoustand vun den Weeër: asphaltéiert Weeër, Forstweeër.



Den Haaptdeel vun dësem Wee geet iwwer Felder. ¼ féiert duerch de Bësch.

Den Depliant zu dësem Trëppeltour fënns du op: <http://www.environnement.public.lu/forets/publications/index.html>

Informationspanno



- 1 Erst Festung, dann Burg, dann Schloss
- 2 Heckenstruktur - Ganz schön nützlich
- 3 Nadelige Zeitzeugen
- 4 Mardellen, geheimnisvolle Biotope
- 5 Natürliche Sukzession versus Aufforstung
- 6 Geografisches Zentrum von Luxemburg
- 7 Ein Blick in die Zukunft
- 8 Einblicke ins Alzettetal


Pëttenerbësch - e relativ jonke Bësch

De Pëttenerbësch ass e relativ jonke Bësch deen no de staarke Stierm vun 1984 an 1990 zum Deel nei ugeplant ginn ass. Op aneren Deeler huet d'Natur sech den Terrain zeréck eruewert; do schwezt een da vun enger Pionéervegetatioun mat Birken, Espen a Weiden.



Eng besonnesch Attraktioun am Pëttenerbësch

De geographesche Mëttelpunkt vum Land läit am Pëttenerbësch. Dëse Punkt ass op Basis vun eisen aktuelle Landesgrenze vum Kadaster ausgerechent ginn. Op dengem Trëppeltour fënns du eng Borne, déi de geographesche Mëttelpunkt vun eise Land symboliséiert.




Naturbësch Pëttenerbësch



Fuerschung am Pëttenerbësch

A regelmëssegen Ofstänn, dat heescht all 15-20 Joer gëtt dëse Bësch genee ënnert d'Lupp geholl. Bei dësem Inventaire gëtt déi ganz Vegetatioun mat de liewegen an doudege Beem, souwéi deene verschiddene Straicher opgehol. Hei geet et virun allem drëms fir ze kucken, wéi sou Bëscher sech mat der Zäit entwëckelen, wann de Mënsch net méi dran agräift.



Vue op d'Uelzechtall

8



Vullewelt vum Pëttenerbësch



Foto: Jean Schöck

Am Pëttenerbësch ginn et bis zu 60 verschide Vullenaarten, vun deenen der 39 och do bréien. 5 vun dësen Aarte kommen op der roudler Lëscht zu Lëtzebuerg vir, dorënner de roud Schéierschwanz (Rotmilan), de Schwaarze Spiecht (Schwarzspecht) an de Käizchen (Sperber).

Pëttener Schlass

1



Hecken laanscht de Wee

2



Kaart Naturbësch



15

De Panewippchen 3/2011

Bëscher rom

Boreal Nole-Bëscher (Taiga)

Ausser Birkén, Elleren a Pëppelen wuessen an dëse kale Géigenden héich am Norde bal nëmmen Nolebeem wéi Kieferen, Dännen a Lärchen. Deen eelste Bam vun der Welt ass eng Ficht aus Schweden, se ass ongeféier 9550 Joer al.

Gizzily




Foto: Ted Heuer

Mëschbëscher

An dëse Bëscher, déi mer aus Lëtzebuerg kennen, wuesse vill verschidde Beem: Bichen, Eechen, Dännen, Kieferen, Birkén a sou weider. De gréisste Bam ass di wäiss Dänn, ka bis zu 65 m héich ginn.



Feiersalamander

Ree-Bëscher am Amazonas

An de Ree-Bëscher bleift d'Wieder d'ganz Joer ongeféier d'selwecht, waarm a fecht, an dofir ginn et do och ganz vill verschidde Planzen, wéi zum Beispill Palmen, Moos, Far, Orchidéen an dee grouse Kapok-Bam. Plazeweis gëtt et souguer nach al Vëlker, déi just vun deem liewen, wat si am Bësch fannen. D'Déieren aus dem Ree-Bësch sinn dacks ganz faarweg, wéi zum Beispill d'Feilgëft-Fräschen oder d'Papageien.

Feilgëftfräsch




Foto: JJ Harrison



Legend

-  fiichten tropesche Reebësch
-  boreal Nolebëscher
-  temperéiert Mëschbëscher
-  mediterran Bëscher
-  dréchenen tropesche Reebësch/ Savanne



hei gesitt der d'Temperaturen an der jeweiliger Géigend.




Foto: Yoki

An der Savanne et immens d'... an et wiisst b... nëmmen Gra... eenzeg Bee... dat net vill a... sinn d'Akazi... Baobab. De... souguer bis... 100.000 L V... sengem Sta... späichere f... dréchen Zä... ze iwwersta...

anderëm d'Welt



Foto: Friedrich Böhringer


Bëscher am Mëttelmierraum

Am Mëttelmierraum ass et relativ dréchen iwwert d'Joer an dofir wuessen hei virun allem Beem, déi net esou vill Waasser brauchen, wéi ënnert anerem Olivebeem, Pinien, Kork-Eechen, Zederen an Zypressen. Aus der Schuel vun de Kork-Eeche gëtt Kork gemaach, zum Beispill fir d'Stépp vun de Wäin- a Schampesfläschen.

Fasan



Foto: Manfred Werner



Bambus-Bëscher

Weltwäit ginn et ronn 1200 Bambus-Zorten, vun deene verschidderer réischt no 120 Joer bléien. Bambus-Beem vun der selwechter Zort bléien alleguer mateneen a stierwen duerno of. Obwuel de Bambus esou grouss ass (dee gréissten ass 46 m héich), ass et kee richtige Bam, mä eng Zort Gras.



Foto: Mätés II



Grousse Panda



Savannen

Giraff




Eukalyptus-Bëscher

An Australien ginn et grouss Bëscher, wou virun allem Eukalyptusbeem a Kiefere wuessen. Dës donsten ätheresch Ueleger aus wouduerch e bloen Niwwel iwwert dës Bëscher entsteet an et no Houschkamelle richt.

Koala



Foto: MusskIpro22



Beschgeflüster



Wéi sou dacks treffen d'Déiere sech viru Sonnenënergang op enger Lichtung fir zesummen ze poteren. Haut sinn et zwee jonk Markollefen, Bridder, de Fuuss an d'Wëllschwäin. Markollef: Dir gleeft net, wat mer de Mëtten op eisem Ausfluch an d'Duerf gesinn hunn!



An engem Gaart hu mer e puer Mënschekanner gesinn, déi sinn enger rieseger Eechel nogelaf. Si hu gejaut a si gesprongen, wéi se een deem aneren déi Monstereechel ewechgeholl hunn an hu sech gutt ameséiert.



Bis eemol, do huet een erwuessene Mënsch säi Kapp aus engem Lach an enger Mauer gestreckt an huet geruff, datt et lo géing duer goen mat deem Kaméidi a si sollten d'Blummen an d'Geméis am Gaart net futti maachen.



Dat verstinn ech net. Mir jäische vill méi haart wéi déi Kanner do, a mir tuerne wou mer wëllen ouni opzepassen. An do ass awer ni een, deem eis stéiert.



Ausser, wann eisereen Honger huet, dann häft der besser op eis opzepassen.



Oh Jongen! Do hu Kanner Fussball gespilt an dorunner huet een Noper sech gestéiert. Mënschekanner hunn et heiansdo schwéier, si kënnen net ronderëm tobe wéi si wëllen a wéini et hinne gefällt. A si léieren net wéi dir am Spillen am Bësch, mä op enger extraer Plaz, déi heescht Schoul. Do musse se dacks laang Zäit um Stéck roueg sëtzen an oppassen a vill Saache verhalen.



Jo, déi Mënsche si Gelungener. Kanner an Erwuessener sëtze ganz vill Stonnen an hiren Haiser a kucke stonnelaang op Véierecken, déi sou komesch flackeren. Ouni ze schwätzen a bal ouni ze wibbelen. Mee firwat maache si dat dann?



Also, déi Véierecken nenne se Televisioun a Computer. An dat ass hiren Zougang zu enger anerer Welt, wou si schaffen, léieren, spillen oder einfach nëmmen interessant Saache gewuer ginn. Wat ziels du eis do? Hier Welt? Eng aner Welt? Markollef: Lo ziels de eis gläich, datt um Mars och Déiere wunnen!



Hier Welt, do gi mir dach och alt mol hin. Mee „gare la box“, wa si eis do erwëschen!



Wëllschwäin: Ausser an hier Computerwelt, do komme mir net eran. Mee dat brauche mir jo och net. Bei eis léiert een op der Plaz, wat ee kann iessen, wou ee Waasser fënnt a wourobber ee muss oppassen. Sou hu meng Kanner scho fréi geléiert, datt et Mënsche gëtt, déi et op hir Hamen ofgesinn hunn.



Fuuss: Jo, eis Kanner. Wat si op hiren Ausflich e Spaass hunn: si ginn iwwehall virwëtzen, si sprangen a quiitsche vu Begeeschterung. An deng Kanner, dat si jo och richtig Gussen, déi wänzele sech um Buedem am Dreck. Gutt, datt meng dat net maachen.



Markollef: Sot emol, fir wat dierfen oder sollen d'Mënschen eigentlech esou vill Saachen net maachen? Fuuss: Villäicht well si no openee wunnen an dofir mussen een op deen anere Rücksicht huelen?



Wëllschwäin: Wahrscheinlech! An dofir géif et hinne gutt dinn, méi Natur matzékriéien. Am Fréijoer déi faarweg Blummen oder d'Gequaks vun de Fräschen. Am Summer, do ass alles gréng an zougewuess an d'Hecke si voller Hambier a Molbier. Am Hierscht, do sinn d'Beem

faarweg, an d'Champignone kommen aus dem Buedem. Am Wanter do ass alles wäiss an d'Baach heiansdo gefruer. Fuuss: Jo, hei ass et ni langweilig, mä éierlech, de Wanter ass awer net flott, well do gëtt et net méi vill ze friessen.



Jo, bei eis ass et ni langweilig! Mee wa se kommen, da solle se sech behuelen. Weess de nach, wéi mer am Nascht souzen, wou méi wéi emol een Hond ënnert eisem Bam stoung a gebillt huet wi geckeg. An et huet eng Éiwegkeet gedauert, bis de Mënsch komm ass, en un d'Léngt geholl huet a mat em fortgaangen ass.



Jo, si vergiessen dacks, datt de Bësch eist Doheem ass! Wat giffe si soen, wa mir eis giffe bei hinnen an den Haiser esou opféieren?



Mir hunn et och gäre propper! Loosst keen Dreck an de Bëscher, huet e mat a macht en an eng Dreckschécht.



Dir hutt kee Pelz a keng Fiederen, dofir kritt dir séier e Sonnebrand. Huet Sonnecrème, wann der dobausse sidd.



Plakeg Haut ass fir Zecken a Moustiquen eng Invitatioun fir z'iessen. Dot zoue Schung, laang Boxen an T-shirte mat laangen Äerm un, da losse se iech mat Rou.

Bësch

An engem Buchebësch
fale all Joer
600-3000kg
Blieder op
1ha Buedem
(=2 Fussball-
Terrainen). Dobäi



Kochelen



kënn nach masseg doudegt Holz.
Wann d'Natur net schonns laang de
Recycling erfondt hätt, géif all Bësch
no e puer Joer ënnert dese Massen
erstécken. D'Blieder gi relativ séier
vu Buedemdéieren a Champignone
gefriess.

Den Ofbau vun doudegem Holz dauert
Joeren, well bal nëmme Champignone
kënnen dat haart Holz verdauen. Duerch
Champignonen an d'Buedemdéiere
gëtt aus de Blieder an dem Holz Humus
(= d'lesse vun de Bësch-Planzen).




Mycelium



Wat
heescht hei,
en Hexekrees
huet näischt mat
Hexen ze dinn!!!!

Heiansdo
gesäis
du Cham-
pignonen,
déi am Krees
stinn, och Hexekrees genannt.
Natierlech huet dat guer näischt
mat Hexen ze dinn. Vun de
Champignone gesi mir awer
just e ganz klengen
Deel (den Hutt an
de Still), de gréissten
Deel sinn déi wäiss
Fiedem am Buedem.
Bei verschiddene
Champignone wuessen dës wäiss
Fiedem vun engem Punkt aus an all
méiglech Richtungen. Um Enn vun
dese Fiedem kommen dann am
Hierscht Kochelen aus dem Buedem.
D'Champignone stinn dann am Krees,
well all Fiedem mat der selwechter
Vitesse wuessen. All Joer gëtt dësen
Hexekrees dofir och méi grouss.



dem Buedem ze suckelen.
Als Belounung gëtt de
Champignon vum Bam
mat Zocker gefiddert. De
Champignon an de

Champignon, brauch onbedéngt
Eeche fir ze iwverliewen.
Ouni Champignone kee Bësch!

Bam profitéieren also ee
vun deem aneren a
kënnen eleng net
iwverliewen. Dës
Verbindung vu
Bamwuerzelen a
Champignone
gëtt Mycorrhiza
genannt (mycos
= champignon,
rhiza= Wuerzel).

Bekannt Mycorrhiza-
Champignone sinn de Méckekochele
(= Fliegenpilz) an de Grénge Mäerder
(= Knollenblätterpilz). Méckekochele
wuesse ronderëm Fichten a Bierken.
De Grénge Mäerder, onse géftegste

